N°8283
Entrée le 13.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8283 vum 5. September 2023 vun den éierewäerten Deputéiert Här Gusty Graas an Här Guy Arendt iwwert "Études dans le domaine forestier"**

Den Artikel 29 vum modifizéierten Naturschutzgesetz vun 2018 schreift vir, datt de fir d'Ëmwelt zoustännege Minister d'Iwwerwaachung vum Erhalungszoustand vun de wëllen Aarten an hire Liewensraim sécherstelle muss. Fir dëser Obligatioun nozekommen, musse reegelméisseg Erhiewungen um Terrain duerchgefouert ginn. Dës Erhiewungen déngen och dozou den europäesche Reporting-Obligatiounen am Kader vun der Vulleschutzdirektiv (2009/147/CE – Art. 12) an der Habitatdirektiv (92/43/CEE – Art. 17) awer och vun der Waasser-Kader-Direktiv (2000/60/CE) nozekommen. Desweidere gi verschidde Monitorings-Aarbechte gemaach fir d'Effikassitéit vu Gestiounsmesuren, besonnesch an Naturschutzgebidder awer och soss an Naturräim, ze kontrolléieren. Och dës Informatioune sinn Deel vun eisen europäeschen Obligatiounen aus deenen Direktiven. D'Majoritéit vun den Erhiewunge gëtt dobäi am Dag ausgefouert an net an der Nuecht. Fir verschidden nuetsaktiv Aarten, notamment fir d'Fliedermais, sinn Aarbechten an der Nuecht allerdéngs onëmgänglech.

**Kann d'Madamm Minister déi Aussoe confirméieren?**

Dës Ausso kann nëmme bedéngt confirméiert gi, wéi an den Äntwerten hei drënner präziséiert gëtt.

**Wa jo, ëm wéi eng Etüden handelt et sech?**

Wéi an der Introduktioun beschriwwen handelt et sech bei den Erhiewungen déi vum Ëmweltministère an Optrag gestallt ginn, ëm Etuden déi am Kader vum Biodiversitéitsmonitoring, respektiv fir de Suivi vu Gestiounsmesuren um Terrain duerchgefouert ginn.

Doriwwer eraus ginn awer och vill weider Etuden duerchgefouert, déi net am Optrag vum Ëmweltministère ausgefouert ginn. Dës sinn Etuden déi am Kader vu verschiddenen Impaktstudië gefuerdert sinn. Déi Etudë ginn am Optrag vum respektive Porteur de projet gemaach.

**Wéi vill där Etüde sinn an de leschten zwee Joer gemaach ginn?**

Am Optrag vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung goufen an de leschten zwee Joer 35 där Etuden duerchgefouert, wou och Erhiewungen nuets verlaangt waren.

D'Informatioun zur Unzuel wéi vill aner Etude gemaach goufen fir Impaktstudie fir aner Projeten läit dem Ëmweltministère net vir, well d'Interventiounen op der Plaz an den doraus entstoende Rapport zäitversat sinn.

**Firwat ginn d'Juegdpiechter net doriwwer informéiert?**

Iwwer den Agrement vun de Bureaux d'études, Organisatiounen an Instituter, déi am Optrag vum Ëmweltministère op den Terrain ginn, sinn dës Persounen dru gehalen am Virfeld vun hirer Visitt den zoustännege Fierschter ze informéieren.

Et gëtt a kenger Legislatioun eng Obligatioun fir d'Juegdpiechter iwwer sou Begehungen ze informéieren. De Juegdpiechter ass (meeschtens) och net de Besëtzer vum Terrain mee huet eenzeg an alleng d'Juegdrecht gepacht. Et ass also net un engem Juegdpiechter anere Mënschen den Accès op den Terrain ze erlaben oder net.

**Wat ass den Impakt vun deene Leit hirem Virgoen an de Bëscher op d'Fauna an d'Flora? Mussen déi Leit net eventuell och fir Wëldschued opkommen?**

D'Fachleit déi sou Etude maachen, sinn sech der Sensiblitéit vum Bësch an sengen Aarten bewosst an ginn ëmmer a besonnesch an deem Kontext ëmsiichteg vir. Je no Fall kéinten Onopmierksamkeeten och déi envisagéiert Erkenntnisser verfälschen. Deemno kann een Impakt duerch eng Begehung quasi ausgeschloss ginn.

Am Fall wou ee Schued géing entstoen, géif deen an alle Fäll ënnert d'Zivilrecht falen an huet näischt mat der Legislatioun rondrëm d'Juegd an de Wëldschued ze dinn.

Lëtzebuerg, den 13. November 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung